Rapport vun eiser Assemblée generale vum 15ten November 2018

Vum Comité waren présent :

Ana Marques, Jorge De Sousa, Simone Frank, Linda Chrétien, Isabel Dos Santos Marques, Astrid Kontz-Krause, Claude Kontz, Eliane Krier-Scholler, Sabine Luxen, Alexandra Tarantini, Eliane Barthel-Wians

Entschëllegt waren : den Schäffen- an Gemengerot vun der Gemeng Mamer an den Schülercomité

Ufank : 18.00 Auer

Begréissung an den Aktivitéitsbericht

Mir waren frou den Här Christnach, Direkter vum LJBM, den Här Pundel an den Här Pilatsch vun der Direktioun, d'Madame Christnach vun der Asbl, eis aktiv Comitésmemberen an ons nei Memberen souwéi och déi interesséiert Elteren ze begréissen.

D'Eliane Barthel huet den Aktivitéitsbericht 2017/2018 virgestallt den folgenden war :

- Präsenz vun eisen Comitésmemberen am
  - Conseil d'éducation
  - Commission de restauration
  - Commission de sécurité
  - Projet d'établissement Josy Helps

- Präsenz vun Comitésmemberen bei der Fapel
  - Ausbildungsprogrammer
  - Réuniounen an Seminairen
  - Assemblée gen .Fapel

- Subsiden
  - SEPAS => 500 EURO
  - PRIX THIERRY ORIGER => 375 EURO
  - VOYAGE D'ETUDES LONDRES => 385 EURO

- REMISE DES PRIX => 500 EURO
- FAPEL (Cotisation) => 170 EURO

- Präsenz vun eisen Comitésmemberen
  - op der Remise des prix an der Diplom Iwwerreechung
  - Theaterowend
  - Talentowend
  - Soirée opéra
  - Soirée indienne
  - Portes ouvertes
  - Informatiounsowender fir d'Elteren
  - Party Ljbm
  - Alles op de Velo

Rapport vum Trésorier dem Jorge de Sousa

Den Jorge huet eis séin Keessebericht 2017/2018 presentéiert wou alles an der Rei ass. Et gett nach eng Sekretariatskees, wou Suen awer am Laaf vum Joer op eisen Konto iwwerwissen ginn an soumat gett déi Kees zougemach.

D'Revisoren hunn d'Keess iwwerpréift an do war alles an der Rei.

D'Assemblée huet dem Caissier duerch Klappen seng Décharge ginn an dem Jorge en groussen Merci ausgeschwaat fir seng gudd Aarbecht.

Den Stand vun eisen aktiven Memberen am Comité

Den Posten als Sekretärin stung op fir eng Neibesetzung. Mir haten eng Kandidatur virleihen an dat ass déi vum Linda Chrétien. D'Präsidentin Simone Frank huet d'Assemblée gebieden hier Kandidatur durch Klappen unzehuelen. Simone Frank huet dem Eliane Barthel-Wians Villmools Merci gesoot fir seng Aarbecht als Sekrétärin. Eliane bleiwt ons awer als Comitésmember erhaalen.

Et huet keen Comitéesmember démissionnéiert. Am Geigendeel, mir hun ganz vill nei Memberen kritt. Dat sinn:

Rosa Elsen-Lopes

Daniel Ersfeld

Monica Künsch-Ceccarelli

Marcelle Marx

Christine Pauly-Cames

Josiane Schoder

Mir hun 6 nei Memberen kritt an den Elterecomité besteet lo aus 18 Memberen.

Et ass eng flott a wichteg Aufgab am Déngscht vun der schoulescher Educatioun vun den Kanner an wichteg fir ee Mateneen a Fireneen am Lycée ze garantéieren, duerch den gudden Dialog tëscht Proffecomité, der Direktioun an dem Elterecomité.

D'Wuert vun der Direktioun an der Asbl

Den Här Christnach ass zefridden an begréisst déi gudd Zesummenaarbecht mat dem Elterecomité.

An de Lycéen sinn elo 800 I-Pad verdeelt ginn. D'Schüler mussen 50 € Locatioun bezuelen.

Et sinn lo 3 7e Klassen. Dat ass en flotten Progrès an der Hoffung datt et sou bleiwt.

Vun 16 bis 18 Auer: Hausaufgabenhëllef

Et leeft och de Projet: Sproochen + deen op 3 Enseignanten verdeelt ass. Deen erlabt et Schüler déi eng Schwächt am Daïtschen oder Franzéischen hunn a kléngen Gruppen ze betreien an den 3ten Prof verbessert dann de betraffenen Schüler hir Hefter.

Wat Cantine an Cafeteria betrefft, sou well Direktioun och op regional Produkter an Bio-Produkter emstellen, souwéit et meiglech ass.

Divers

Den 7. März ass Foire d'orientation am Lycée.
Den Lycée feiert seng 15. Joer an do ginn et eng Rei vun Evenementer.

Mir soen all eisen Memberen Merci fir hir Ënnerstëtzung.

Enn 19.15 Auer